N°1183
Entrée le 10.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vun der Ministesch fir Digitaliséierung op d'parlamentaresch Fro n° 1183 vum 12. September 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

D’Fro vum honorabelen Deputéierte betrëfft den Affichage vun Donnéeën déi sech am “Registre national des personnes physiques” (RNPP) befannen, am private Beräich vun der Plattform MyGuichet.lu, besonnesch Donnéeë vu mannerjärege Kanner.

D’modifizéiert Gesetz vum 19. Juni 2013 (Gesetz RNPP) gesäit vir, dass all Donnéeën aus dem RNPP vu mannerjärege Kanner, op Ufro, un den Elterendeel deen Titulaire vun der autorité parentale ass, kommunizéiert ginn. Di concernéiert Donnéeë sinn d’Signalétique (déi besteet aus : Identifikatiounsnummer, Numm, Virnumm, Geschlecht, Gebuertsdatum a Gebuertsuert), d’Nationalitéit, d’familiär Situatioun an d’Adress (résidence habituelle).

Niewent der Kommunikatioun vun den uewen ernannten Donnéeën, gëtt et d’Méiglechkeet am private Beräich vun engem Elterendeel op MyGuichet.lu vun den administrativen Donnéeë vun engem mannerjärege Kand Kenntnis ze huelen.

Wann den Elterendeel op der selwechter Adress wunnt wéi dat mannerjäregt Kand, kann dësen Elterendeel op MyGuichet.lu all uewen ernannten Donnéeë vum mannerjärege Kand gesinn.

Wann den Elterendeel net op der selwechter Adress wunnt wéi dat mannerjäregt Kand, kann deen Elterendeel just d’Signalétique vu sengem mannerjärege Kand op MyGuichet.lu gesinn.

Dës Ënnerscheedung ass bedéngt duerch d’Dispositioun vum Artikel 36 vum Gesetz RNPP déi virgesäit, dass all Kommunikatioun vun Donnéeën op Basis vu vérifizéierten Donnéen muss gemaach ginn. Am Kader vun enger Ufro iwwert de private Beräich vu MyGuichet ass eng Vérifizéierung vun der autorité parentale de Moment awer net méiglech.

Lëtzebuerg, den 10/10/2024.

D’Ministesch fir Digitalisierung

(s.) Stéphanie Obertin